PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt d'Innovatioun an der Automobilitéit z'ënnerstëtzen andeems d'Technologien, déi fir d'autonoomt Fuere gebraucht ginn, reglementéiert solle ginn. Am Automobilsecteur ginn et aktuell eng Rëtsch Autoen ze kafen, déi d'autonoomt Fueren op zweeter Stuff erméiglechen. Op eise Stroossen hunn dës Autoen awer aktuell nach mat ville Problemer ze kämpfen, well eng schlecht Beschëlderung, mangelhaft Stroossemarkéierungen oder d'Presenz vu Chantieren de Bordinstrumenter Problemer bereeden.

A menger parlamentarescher Fro n°508 war ech schonns op mangelhaft Stroossemarkéierungen agaangen. Ee weidere Problem stellt sech bei den Emplacementer vu Schëlder, déi a verschiddene Situatiounen d'Bordmechanik iwwerfuerderen. Esou zum Beispill bei der Beschëlderung vun Tempolimitte festzestellen, dass verschidden Autoen net schnell genuch ofbremsen, fir hannert dem Schëld um Tempolimitt ze sinn.

Wa mer autonoomt Fueren op eise Stroossen erlabe wëllen an d'Software an den Autoen richteg soll funktionéieren, da muss d'Stroossenetz, dat aktuell fir d'Mënschen gemaach ass, och fir d'Computeren adaptéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi muss d'Stroosseschëlderung zu Lëtzebuerg an Zukunft ëmgestallt ginn, fir et autonomen Bordsystemer z'erméiglechen, sech un d'Dispositioune vum Code de la Route ze halen?

2. Wäert d'Ëmstellung op autonom Autoen och Konsequenzen fir d'Placéierung vu verschiddenen Vitesslimitatiounen a Vitesskontrollen hunn? Wéi eng Krittären wäerten hei applizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député